# DENG SYPROLUX-KANDIDATEN AUS DEM SERVICE TRAIN ET MATÉRIEL (TM)



MARC ADAM
TM



KEVIN AREND
TM



ELODIE BACH
TM



FRÄNZ DORDING
TM



IGOR GOMES
TM



NATHALIE KIRPACH
TM



NATASCHA LUDWIG
TM



ALAIN ROTA
TM



LUC SCHEER
TM



CHRISTY SCHLESSER
TM



MICHEL SCHMITT
TM



KIM WESTER
TM

Als SYPROLUX fuerdere mer:

**A punkto Beruff a Formatioun**

- d'Aféiere vum grousse Primesaz op de Feierdeeg- a Nuetsschichte fir d'Personal wat no Roulement oder engem Tableau de Service op tiercé schafft
- eng Revaloriséierung vun de Karriäre I a A duerch d'Aféiere vun engem Primesystem op d'Missioune vum Agent bezunne
- eng Revaloriséierung vum Handwierker duerch d'Schafe vun enger Filière spécialisée „dépanneur"
- eng verbessert an de Reegelen entspriechend Formation continue fir all Agent, dee Sécherheetsrelevant Missiounen ausféiert
- en transparente Suivi vun de Zertifizéierunge vun eisen Agenten an der Conduite an an der Maintenance
- fir e konstanten Ausbau vum CFL-Campus mat der Ausbildung vu weidere Beruffsbiller
- d'Fërdere vun der Ausbildung vu Léierbouwen a Léiermeedercher an hier Astellung an de Betrib nom Ofschloss vun hirer Léier.

**A punkto Personalbestand an Zesummeschaffen**

- datt den Effektiv op de reellen Besoin'e berechent gët.

  E Sous-effectif däerf net opkommen, weder beim Fuer- nach beim Maintenance-Personal;
- Rekrutementer, déi et erlabe Beruffs-a Familljeliewe besser ze vereinbaren
- d'Prozedure beim Rekrutement ze straffen
- e fairt Zesummespill vun Deelzäitaarbecht a Vollzäitaarbecht an eisen Aarbechtspläng
- datt d'Karriäre I a A weider hier Posten am TM behalen an esou guer erop gesat ginn
- datt all Poste muss mat enger klorer Fiche de poste hannerluet sinn
- datt bei Reorganisatiounen Transparenz an Dialog mat der Personaldelegatioun an de betraffenen Kolleg:innen am Viergergrond stinn
- eng besser Kommunikatioun tëschent Hierarchie a Personal
- manner bürokrateschen Opwand bei den Ordres écrits
- eng Neireegelung vum Handling vun de Carte Rapporten



12 STËMME FIR DE SYPROLUX

LËSCHT 5

# Wat der zu de Sozialwalen an zu de SYPROLUX-Kanditat:innen wësse sollt




## SERVICE TM

**12 STËMME FIR DE SYPROLUX**



**LËSCHT 5**

### Sozialwalen 2024 – wichteg Upassungen

1. All Agent, deen am Service TM affektéiert ass a schafft, geet och am Service tm wielen. An zwar onofhängeg vun senger Karriär an sengem Grad. Di vereelsten Reegelung, datt méi héich gradéiert Agente sollen an de Services Centraux mat wiele goe fält domadder ewech. Dës Änнerung, déi op Grond vun engem Virschlag vum SYPROLUX agefouert gouf, huet zesumme bruet, wat zesumme gehéiert. Esou gëtt eng gemeinsam Populatioun beim Chef de Service vertrueden.
2. All Agent aus dem Cadre Hors Statut huet d'Recht a sengem Service mat wielen ze goen. Och dës Fuerderung vum SYPROLUX, déi Bestanddeel vun eisem Schreiwes fir eng méi gerecht an attraktiv Personalvertriedung, gouf ëmgesat. Och d'Mataarbechter:innen aus dem Cadre Hors Statut gehéieren zum Zesummeliewen a Schaffe vun engem Service an och si hunn e Recht op eng éierbar Personalvertriedung.

### SYPROLUX-Kandidat:innen

- am Service TM triede mer mat 12 Kandidat:innen un
- den Altersduerchschnëtt vun eiser Lescht läit bei 39,16 Joer
- mat 2 Lokführerinnen an 2 Handwiekerinnen läit den Dammenundeel bei 33,33%
- 8 Kandidat:innen ginn eng éischte Kéier mat an d'Rennen

Et ass deemno eng jonk Lëscht, wou d'Kandidat:innen op d'Erfarung vun eisen Délégués sortants kennen zeréckgräifen an sech mat neien Denkustéiss abréngen wärten

- déi 12 Kandidat:innen engagéieren sech fir d'Interessi vun den Eisebunner:innen di kommend Joer ze vertrieden an ze verteidegen.

### Wat d'SYPROLUX-Vertrieder geleescht hunn:

- de Patron de Stage vun de Lokführer kritt 9 Punkte fir dës Missioun bäi
- och am Fall vun zousätzleche Fort- an Ausbildunge kritt den Agent Punkte bäi
- d'Laufbahn vum conducteur de manoeuvre (CDM) gouf zum Positiven ugepasst an den Effektiv gouf no uewen ugepasst
- et gouf unerkannt datt den CDM zum Fuerpersonal gehéiert an duerfir ënnert di selwecht Aarbechtskonditioune fält ewéi d'Lokführer
- keen agedeelte Lokführer mécht nach 7 Fréischichten um Stéck
- d'Roulement 1, 2 an 3 beinhalte weder Nuetsschichten nach Fréischichten, déi viru 04:00 Auer ufänken
- d'Kolleg:innen an de Reserve kruten e grénge Roulement, wou mëttlerweil 2 fixe Roudeeg dra stinn
- d'Schicht- an d'Roulementpersonal kruten 8 Fraistonnen fir perséinlech Zwecker (crédit d'heures pour raisons personnelles)
- fir d'Kolleeg:innen aus dem administrative Beräich gouf den Horaire mobile an de Teletravail agefouert
- d'Zäitspuerkonte goufen agefouert
- d'Mataarbechter am CM kruten Aarbechtskleedung vu besserer Qualitéit inklusiv d'Botze vum Gezei
- eng Rei Dépôts relais goufen an d'Rei gesat (z.B. Ettelbréck, Péiteng, Ëlwen etc..)
- d'Mataarbechter:innen kréien iwwert d'Woch fréscht Uebst an de System Lunchtime gouf ausgebaut